



Tripartite: e gemëschte Bilan!

Pressematdeelung vum 21. September 2022

D'ADR begrëisst, datt d'Tripartite, an där aktuell schwiereger Situatioun, e provisoreschen Accord fonnt huet, deen den Index-System am Prinzip preservéiert a gläichzäiteg de Stéit an den Entreprises hëllef. Ausdrécklech begrëisst d'ADR och, datt de Geescht vun der Tripartite déi Kéier besser respektéiert gouf an datt a Rou an am Konsens geschafft gouf, fir an engem Geescht vu Solidaritéit de soziale Fridden an eis ekonomesch Interessien ze erhalen.

D'Resultat vun der Tripartite huet awer och Schwächen. Fir d'ADR wär et onbedéngt néideg, datt de Reformstau, dee mir am Land hunn, endlech ugepaakt gëtt an datt an enger Kris d'Ursaache bekämpft ginn an net nëmmen un de Symptomer gepléischtert gëtt. D'ADR hält och drop, datt de Scholdenniveau op kee Fall därer iwwer 30% vum PIB klammen, an ass iwwer déi Entwécklung déif besuergt, déi de Staatsbudget hält. Ëmmer manner Recetten, och duerch regierungsverschëlten Abréch am Tanktourismus, stinn ëmmer méi Dependenz géintwärt. An deenen elo bal 10 Joer Gambia-Regierung gouf liichtsënnege mat den öffentleche Gelder verfuert.

D'ADR verlaangt, datt strukturell Reformen am Interessi vun den Entreprisë gemaach ginn. Si sollen et hinnen erlaben an engem haarde konkurrenzuellem Ëmfeld mat Erfolleg ze bestoen. Net nëmme punktuell Hëllef sinn hei gefrot, mee eng volontaristesche pro-kleng a mëttel Betriber an Industriepolitik!

Wann och elo de Leit bei den Energiepräisser gehollef gëtt, da bleift hir Belaaschtung awer trotzdem nach ze héich. Déi vun der Regierung mat decidéiert Sanktiounspolitik géintwärt dem wichtegste Gasliwwerant fir Europa ass offensichtlech kontraproduktiv. En Enn vun där Politik wär dowéinst dee beschte Wee fir d'Inflatioun ze bekämpfen ouni missen op Präismanipulatiounen a Wettbewerbsverzerrungen zeréckzegräifen. Dauerhaft muss eng zuverlässeg, suffizient an ekonomesch Versuergung mat Energie garantéiert ginn.

D'ADR freet elo prioritär e substantielle Rabatt bei de Spritpräisser, d'Ofschafung vun der CO₂-Steier, d'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun, d'Steierfräiheet fir de Mindestloun an déi kleng Pensiounen.

Matgedeelt vun der ADR